ACEL
de Studentevertrieder

Lëtzebuerg, den 15. Februar 2016

Don Fondation Cancer

D'ACEL huet an der Chrëschtvakanz hiren traditionellen Tournoi de Noël an Zesummenaarbecht mat der LASEL organiséiert. Op dësem Tournoi, deen all Joers an der Schwämm vum Campus Geesseknäppchen organiséiert gëtt, trieden déi verschidden Membercerclë vun der ACEL an dräi verschidde Sportaarte géinteneen un. Nieft dem sportleche Volet steet awer och de Spaass an d'Erëmgesi vun de Kollege während an nom Tournoi am Virdergrond. Iwwert déi zwee Deeg këmmert sech d'ACEL dobäi ëm d'Buvette. Den Erléis dovun gëtt all Joers fir de gudden Zweck gespent. Ewéi och schonns d'lescht Joer ass den Don och dës Kéier un d'Fondation Cancer gaang. Am Kader vum Relais pour la Vie 2016 wou d'ACEL och dëst Joer wäert zesummen mat sengen Membercerclë matlafen, gouf um Freideg, 12. Februar 2016, e Chèque am Wäert vu 5221,10€ iwwerreecht. Dëse setzt sech aus dem integralen Erléis vum Tournoi de Noël esou wéi aus engem Don vun 200 Euro vum Cercle vun den Oochener Studenten (AVL) an Zesummenaarbecht mat hirem Männerchouer, zesummen.
D'ACEL seet jidderengem Merci deen um Tournoi de Noël war an eppes zu dëser Spent bäigedroen huet. E grousse Merci geet och un d'LASEL, déi sech um Tournoi haaptsächlech ëm déi sportlech Organisatioun gekëmmert huet.

Contact:
Charles Muller
Vice-Président Regroupement
+ 352 661 420 541